

## Discours Luc Meyer AG Fédération des Artisans

---

Léif Kolleegen a Kolleeginnen,

Ech brauch kengem heibannen ze zielen, dass mer aktuell a schwéieren Zäiten stéichen an ech fäerten, dass kuerz- a mëttelfristeg keng Besserung en Vue ass.

Dat ass bestëmmt net de flottsten Constat, den en zum Optakt vun enger Presidence kann zéien, mais et ass leider d'Realiteit mat der mer eis an de kommende Méint a Joren auserneen setze mussen.

Manque de main d'oeuvre, iwwerdriwwen Bürokratie an feelend Rentabilitéit sinn Problemer déi eis schonn méi laang beschäftegen. Duerch d' Pandemie an de Krich kommen elo och nach eng Explosioun vun den Energiepräisser eng eng Rekordinflatioun dobäi.

Daat alles betrëfft direkt d'Handwierk an eis Betriber. Dat mëscht Drock op d'Léin, Drock op eis Käschten, Drock op eis Margen, fir déi Betriber déi iwwerhaupt nach Margen hunn. Donieft sinn am nächste Joer Walen, wou mer eis als Secteur positionéiere an ganz séier mat der neier Regierung an Gespréich komme mussen fir déi do Problemer z'adresséieren.

Dei rezent Tripartite huet probéiert eng Äntwert op d'Inflatioun ginn. Et kann en elo driwwer streiden, ob et déi richtig Äntwert war, vu dass wéi ëmmer déi sozial Selektivitéit feelt. Trotzdem war des Kéier och eppes fir Betriber dobäi, well och fir sie normalerweis den Energiedeckel gréift an dass mer e bëssen Prévisibilitéit bei den Indextranchen kréien.

Kris as domadder awer nach net eriwwer. Mir mussen weiderhin um Ball bleiwen.

Wichtig dobäi ass, dass mer als Handwierk mat enger Stëmm schwätze. Wichtig ass, dass mer zesummen halen an zesummen agéieren.

D'Fédération des Artisans sinn net déi do uewen um Kierchbierg. D'Fédération des Artisans dat sinn mir all zesummen. Dat sinn déi 30 Beruffsverbänn, dat sinn déi 300 Benevoller déi sech éierenamtlech an de Verbänn engagéieren an dat sinn eis bal 3.000 Memberen, déi eis Aarbecht ënnerstëtzen.

D'Handwierk huet vill Secteuren an vill Beruffer. Eis Betriber hunn awer, iwwert all Secteuren eraus, de selwechte Kär. Mir sinn mëttelstännesch Betriber, mir hunn oft Familljestrukturen a mir sinn Patron vun eiser Entreprise fir déi mer perséinlech riicht stinn.

Op dat e Metzler, en Enterprenner, eng Esthéticienne oder e Mécanicien ass. Et sinn net eis Métier'en déi eis ënnerscheeden, mais et sinn eis Betrëbsstrukturen déi sech gläichen an déi eis verbannen.

Aus dësem gemeinsamen Kär eraus entstinn eis Revendikatiounen, déi mer zesummen droen mussen. Mir brauchen Kompetenzen. Mir brauchen e Kader, den och op kleng Entrepisen passt an mat dem mer schaffen kenne. Mir brauchen Produktivitéit an Rentabilitéit fir dass mer Investéieren kennen an och muer nach fit sinn.

Fir des Positiounen ze definéieren an no baussen ze vertrieeden hunn mer eis Verbänn an d'Fédération des Artisans. Mir sinn d'Gewerkschaft vun de Patron'en am Handwerk an d'Sprochrouer fir eis Intérêt'en ze verteidegen.

Politik huet net de Reflex no de klenge Betriber ze froen. Dofir ass et wichteg dass mir un all Dësch setzen, wou iwwert et ëm ekonomesch an sozial Themen geet a mir mussen jiddereen drun erënneren dass et d'Handwerk gëtt an dass mer spezifesch Besoin 'en hunn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,

Daat mussen mer zesummen maachen. Heibannen awer och an eise Betriber. Wann der Confrère hutt, déi nach net Member an hirem Verband sinn, dann schwätzt mat hinnen. Wann der e Politiker an ärem perséinlechem Ëmfeld hutt, invitéiert e mol an äre Betrib a weist wat mer maachen.

Mir mussen och enk mat den anere Patronatsverbänn zesummeschaffen. Mir hunn d'Chance dass mer mam Michel Reckinger en Handwierker hunn, den un der Spëtzt vun der UEL steet an den eis Problemer aus éischer Hand kennt.

Et ass mer perséinlech och wichteg, dass mer als Verband enk mat eiser Chamber zesummen schaffen an do och gemeinsam Initiativen am Intérêt vun eise Betriber huelen.

Déi lescht Joeren waren fir d'Handwerk net einfach an et kommen leider nach weider schwéier Zäiten op eis duer.

Et huet awer keen wäert d'Bengelen bei Tromm ze geheien. Mir mussen hei maachen, wat mer och an eise Betriber maachen. D'Aerm erop strëppen a kucken dass et weider geet. Ech gleewen drun, dass mer zu Lëtzebuerg e staarke Mëttelstand an en staarkt Handwerk brauchen, wann et eis als Gesellschaft soll gutt goen.

Daat ass dat wat ech als Präsident vun der Fédération des Artisans well maachen an ech hoffen, dass ech op Äer Ënnerstëtzung zielen kann.

Fir de Rescht freeën ech mech drop mat de Vizepräsidenten, mam Comité a mat de Verbänn zesummenzeschaffen.

An dem Sënn soen ech lech merci fir äert Vertrauen. Merci.